PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°2459
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Thema vun der Elektromobilitéit ass eng wichteg Moossnahm, fir ewech ze kommen vu Pëtrol a Gas zu méi Nohaltëgkeet an Ëmweltschutz. Et mécht eis och méi onofhängeg vun Diktaturen, déi eis fossil Brennstooffer verkafen. Nom Plang fir Klimaschutz an Energie (PNEC) sollen bis 2030 d'Halschent vun den Autoen op eise Stroossen elektresch ugedriwwe sinn.

Dovunner schénge mer awer nach wäit ewech ze sinn an ënnert dëser Regierung gouf de Kaf vun E-Autoen méi onattraktiv gemaach. An engem RTL-Artikel vun haut sot d'Mobilitéitsministesch dozou:

*"Dat ka sinn. Mä ech mengen awer och, dass ganz vill Leit trotzdeem doriwwer ewechdenken a sech soen, dat doten ass eng gutt Saach. Och fir eist Klima. Ech mengen, den Elektroauto huet awer aner Avantagen an ech mengen, dass dat och d'Leit iwwerzeegt. Ech hoffen et op alle Fall. An dass esou Manifestatioune wéi déi heiten dann och de Leit weisen, de Confort vun engem Elektroauto an aner Avantagen", sou d'Ministesch."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung vun den Virdeeler vun den Elektroautoen, wéi vu der Ministesch erkläert, iwwerzeegt?
2. Ass d'Mobilitéitsministesch dovunner iwwerzeegt, dass d'Elektroautoe besser si wéi d'Verbrenner? Falls jo, wäert d'Regierung sech op EU-Niveau dofir asetzen, dass de Verbrenner-Aus gekippt gëtt, well wann d'E-Autoe besser sinn, brauch et jo kee Verbuet?
3. Wéi vill reng Elektroautoe befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?
4. Wéi vill reng Elektroautoe goufen zënter 2024 ënnert der aktueller Regierung bäikaf?
5. Wéi vill Autoen befannen sech insgesamt am Fuerpark vun der Regierung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten